



SYFEL

Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322

syfel@syfel.lu

✉ 15, am Duerf

L-7651 Heffingen

CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

Hiefenech, den 18. Juli 2016

Léif Kiercheréit alleguer,

Déi aktuell Situatioun léisst is leider keen anere Choix, wéi méi däitlech an onmëssverständlech Schrëtt ze maachen.

Wéi de Minister Dan Kersch den 14.7. op RTL laachendes Monds ugekënnegt huet, wäert nach VIRUN der Vakanz e „Projet de loi“ op de Regierungsdësch kommen, fir d’Kierchefabrécken ze zerstëieren an hiren Patrimoine an een eenzege Fonds ze stiechen. De genannte „Projet de loi“ louch elo während Wochen am Ordinariat, fir do analyséiert ze ginn. Mee keen, weder d’Bistumsverwaltung nach den Inneminister hunn et fir néideg fonnt, d’Kiercheréit oder d’Gemengeréit och nëmmen ansatzweis doriwwer z’informéieren, wat an deem Projet steet. Och de SYFEL ass zu kengem Moment an d’Vertraue gezu ginn, oder em seng Ënnerstëtzung, sain Avis oder och nëmme säi Rot gefrot ginn. D’Angscht vrun der „*opinion publique*“ ass an der Bistumsverwaltung nach ëmmer esou grouss, datt eng onrealistesche Virsiicht si hemmt, amplaz datt si op d’Solidaritéit an de Réckhalt vun de Kiercheréit an dem SYFEL zielen.

Den Dan Kersch refuséiert den Dialog mam SYFEL jo och nach ëmmer vehement, an den Här Generalvikar konnt sech an der Pressekonferenz de 7.7. zwar virstellen, mat de Leit vum SYFEL ze schwätzen, mee eppes Konkretes ass net erfollegt. Éischter de Géigendeel, kierchenintern Gespréicher sinn ouni Begrënnung ugekënnegt an och nees ofgesot ginn.

Souwäit inoffiziell Quellen awer duerchblécke gelooss hunn, ass de genannte „Projet de loi“ nach vill vill schlëmmer, wéi d’Konventioun u sech, déi schonn eng Katastroph ass. Och d’Argumenter fir d’Kierchefabrécken ofzeschaffen, ass den Inneminister is bis elo nach ëmmer schëlleg, mee hie beriff sech *gebetsmühlenartig* op d’Ënnerschrëft vum Äerzbëschof, a soss kënt absolut näischt Inhaltlechtes vu senger Säit.

Et ass folglech kloer an däitlech, wat hei d'Zielsetzung vun deem „Projet de loi“ an deem *Fonds* ass:

- Eng Expropriatioun vun de Kierchefabrécken, andeems si per Gesetz einfach ofgwschaaft ginn.
- Eng Entmündigung vun de Laien, déi nom Ofschafe vum Dekret absolut näischt méi mat ze decidéieren hunn, mee just berodend Funktioun hunn.

Deem Unterfange muss en Enn gesat ginn!!

Dofir appelléiert de SYFEL un all EENZELNE Kiercherot de Bréif hei am Anhang auszufüllen a vun sou ville Membere wéi méiglech ënnerschreiwten ze loossen. Scheit w.e.g. trotz der Vakanz keng Zäit a Méi, dat elo direkt duerchzezéien a schéckt de Bréif w.e.g. sou séier wéi méiglech un de SYFEL zeréck.¹

Mir wäerten des Bréiwer dann dem Inneminister an dem Äerzbëschof iwverreechen (Noutfalls schécke mir se per *Recommandé*, wann mer kee Rendez-vous kréien.), fir e kloert an däitlecht Zeechen ze setzen,

- datt d'Kiercheréit net esou mat sech verfuere loossen a Gehéier an Matsproocherecht verlaangen;
- datt si kategoresch géint hier eegen Ofschafung an déi domat verbonnen Expropriatioun sinn;
- datt si eng fundamental Moderniséierung vun der Institutioun Kierchefabréck wëllen, ouni dobäi entmündegt ze ginn.

Mir zielen op Iech!!!

Merci a mat beste Gréiss

fir de Comité



EBERHARD Serge
President



LINDEN Marc
Vize-President

¹ N.B. a) Wann net all Member ënnerschreift, schéckt de Bréif w.e.g. awer zeréck un is.
b) De Buergermeester an de Paschtouer hunn am Kiercherot eng Stëmm a Meenung, wéi all déi aner Memberen och. – Net méi, net manner.

Erzbischof Jean-Claude Hollerich
4, rue Génistre
B.P. 419
L-2014 Luxemburg

Herr Dan Kersch
Innenminister
B.P. 10
L-2010 Luxemburg

Herr Erzbischof,
Herr Innenminister

Die unterzeichneten Mitglieder des Kirchenrates von _____ teilen
Ihnen hiermit mit, dass

- sie keineswegs damit einverstanden sind, dass die Kirchenfabriken, wie angekündigt, abgeschafft werden und ihrer Besitztümer enteignet werden.
- sie es inakzeptabel finden, dass weder die Kirchenräte selbst noch deren Syndikat, das SYFEL, vom Ordinariat und vom Innenministerium als Gesprächs- bzw. Verhandlungspartner angesehen werden.

Deshalb fordern wir Sie auf,

- umgehend den Dialog mit den Kirchenfabriken und dem SYFEL aufzunehmen;
- diese nicht weiter vor vollendete Tatsachen zu stellen sondern über ihre Zukunft mitentscheiden zu lassen;
- die Institution der Kirchenfabriken zu reformieren und modernisieren anstatt sie zu zerschlagen.

Hochachtungsvoll

Ort und Datum

(Unterschriften)